# Sex and Drugs and Rock'n Roll'

Sex and Drugs and Rock'n Roll', e Lidd aus den 70'er Joeren, gesongen vum Ian Dury spigelt zimlech treffend d'Volleksménung vun der Relatioun Drogen a Musek zréck. As et da nët esou, datt Artisten aus allen öffenteleche Medien (Musek, Film, Journalismus, Theater asw) als eng Zort Götter ugesi gin, wat virun allem bei der Jugend zur Verherrlechung - a Noamungs-'delikten' féiert? Oft sin et déi grouss Plakkenkonzerner, an eis 'Jugendverblödungs-Televisiounsc haîne' "MTV", déi no all Drogendoud vun engem bekannte Museker vergiessen, datt och hien oder hatt, net méi onnëts an aarmséileg 'krepéiert' as, ewéi all Junkie aus iergendenger Drogenszene.

Wann ee bedenkt, datt Museker ewéi Jim Morrison, Jimi Hendrix, Janis Joplin, John Bonham, Sid Vicious, Keith Moon - an d'Lëscht as nach vill méi laang - nach haut als Helden an als Märtyrer gefeiert gin, misst ee spéitestens dann un der Intelligenz vun der Mënschheet zweiwelen.

De Comble vun dëser Optik as de Verkaf vum Selbsmord vum Jugendidol Curt Cobain (Nirvana). Een Typ, dee mat séngem Drogeproblem nët fäerdej gouf an sech kuerzerhand eng Kugel an de Kapp geschoss huet (Avis aux amateurs), intresséiert elo schlussendlech eis Kanner méi ewéi virdrun.

Wou bleif dat positivt Beispill, dat Museker ewéi Eric Clapton, Lou Reed, Bryan Adams, Steve Adler (Guns'n Roses), ons gin? Idoler, déi hieren Drogen- an Alkoholproblem öffentlech zougin, dogéint kämpfen, en deelweis och geléist hun, an all denen Concernéierten als Vierbild dinge sollten. Esou laang ewéi d'Glorifizéierung vun den Artisten gefördert gët, keeft d'-Jugend dëse Problem widderstandslos.

Ofschléissend as ët dach ee Witz, dass op engem Concert géint Drogen an Aids d'Hallschend vun de Museker zou ewéi ee Lach op der Bühn stin.

**James Kater**